

adr-

Nee  Nee  Nee

Mir si keng Versuchsdéiere fir Europa !



... seet de Picky, den ADR-Maskottchen

## Wielen, well ee Steiere bezilt? Nee!

Bis 1919 huet zu Lëtzebuerg nëmmen deegewielt, deeneng Steier bezuelthuet. Déi Leit, déi eppes haten, wollten eleng decidéieren. Dunn huet Lëtzebuerg déi ondemokratesch finanziell Oplag ofgeschaaft, als eent vun den éischte Länner d'Fraewahlrecht agefouert a Schluss mat Diskriminéierungemaach. D'nationaalt Walrecht ass un d'Nationalitéit geknapp ginn.

Dat ass richtig, well eis Deputéiert si verantwortlech fir d'Zukunft vum Land an der Natioun, fir eise Wuelfstand, jo fir eis Existenz als Land a Natioun.

Haut wëlle verschidde Leit dee Schrack zeréckgoen. Een Argument fir d'Ausländerwalrecht seet, wien hei Steiere bezilt, soll och d'Chamber wielen. Wat ass mat Leit, déi hei keng Steiere bezuelen? Mammen, déi eleng erzéien? Leit, déi net genuch verdéngen,

fir Steieren ze bezuelen? Lëtzebuurger, déi am Ausland Steiere bezuelen? Frontalieren, déi hei am Land Steiere bezuelen, awer net wielen däerfen? Leit, déi hei am Land Quellesteier op hirem Verméige bezuelen oder just Ak-sisesteier op Bensin an Tubak?

Fir esou Froen aus dem Wee ze goen, ass d'nationaalt Walrecht quasi an alle Länner vun der Welt un d'Nationalitéit geknapp. All Land an all Natioun huet d'Recht, iwver seng Zukunft eleng ze bestëmmen. Dat ass eng grouss demokratesch Errongenschaft, déi esouguer d'EU zu Bréssel net a Fro stellt, obwuel se ëmmer méi an de Länner wëll matdecidéieren. Net all Land mécht et Ausländer esou einfach, d'Nationalitéit ze kréien, wéi Lëtzebuerg. Et ass ee Lëtzebuurger oder net. Do gött et keng Diskriminéierung.



Pipino dit Pino DiDomenico

Cafetier

Gebiertegen Italiener

*„Ech hunn d'lëtzebuergescher Nationalitéit ugeholl, well den administrativen Opwand bei den Autoritéiten hei am Land manner grouss war ewéi bei den Italianeschen. Ech war esou houfreg, ewéi ech 1995 d'Identitéit krut, datt ech mäi Gléck perfekt gemaach hunn, a kuerz drop meng Frëndin bestuet hunn. Am selwechte Joer hunn ech och ugefaang mech an der Politik z'engagéieren.“*

## D'ADR informéiert: all ons Versammlunge fänken um 19.30 Auer un.

### 26. Mee - Houschter-Déckt

Café-Restaurant Koeppé Jemp 59, Haaptstrooss

### 29. Mee - Klengbetten

Restaurant „de Bräiläffel“ 12, rue de la Gare

### 1. Juni - Schwéidsbeng

Augustinushaus Route du Vin

### 2. Juni - Beidler

Veräinsbau „al Schoul“ Rue de l'Eglise

### 2. Juni - Harel

Café „Beim Jeanne“ 31, rue Mgr. Fallize

### 3. Juni - Diddeleng

Taverne Mont-Saint-Jean 1, place Gymnich

### 4. Juni - Mäerzeg

Café Staminee (Ribeiro) 24, rue Principale

### 4. Juni - Conter

Conterstuff 2, rue de la Mairie